N°2268
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 30 Abrëll 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„An Däitschland ass déi sou genannt „Staatsquote“, also de Rapport tëscht den Depensë vum Staat am Verglach zum PIB, op 49,50% geklommen. Déi niddregst „Staatsquote“ ass aktuell déi vun Irland (23,50%) an déi héchst ass déi vu Finnland (57,60%).

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech „d’Staatsquote" hei zu Lëtzebuerg zanter 2010 entwéckelt?
- Wéi situéiert sech Lëtzebuerg am Verglach mat allen aneren EU-Staaten?
- Wat fir Facteuren hunn zur Entwécklung vun der haiteger „Staatsquote“ bäigedroen a wéi gesinn d’Perspektive bis zum Joer 2030 aus?
- Wéi huet sech d’Staatsschold am Verglach zum PIB zanter 2010 entwéckelt a wéi situéiert sech Lëtzebuerg an deem Kontext am Verglach zu deenen anere Länner? “

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten